N° 4425
Reçue le 01.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'intégration
et à la Grande Région

Luxembourg, le 01 juillet 2021

Réf. 2021/3585

*Dossier suivi par :*
*Dominique Faber*
*Tél: 247 86540*

Le Ministre de la Famille et de l'intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Concerne:** question parlementaire n° 4425 de Monsieur le Député Fred Keup.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse du Ministère de la Famille relative à la question parlementaire n° 4425 de Monsieur le Député Fred Keup, en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'intégration

ctne Cahen

**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n° 4425 vum Deputéierte Fred Keup iwwert de Begrëff „Integratioun".**

**1) + 2)**

Am Moment ass d' Phase vun der Consultatioun am gaange fir dat modifizéiert Gesetz vum 16 Dezember 2008 iwwer d'Integratioun vun den Auslänner zu Lëtzebuerg ze iwwerschaffen. Aus enger Réi vun Avisen, déi op Demande vum Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun vun den Acteuren um Terrain geschriwwe gi sinn, an déi och um Internetsite vum Ministère verëffentlech sinn, geet ervir datt de Begrëff „Integratioun" ëfters a Fro gestallt gëtt. De Begrëff vum „Zesummeliewen" spigelt, villen Acteuren no, d'Situatioun besser rëm vum géigesäitegen Engagement vun allen Matbierger déi hei zu Lëtzebuerg liewen a schaffen. Soulaang de Prozess vum Iwwerschaffe vum Gesetz awer nach net ofgeschloss ass, leet d'Regierung sech net fest wei e Begrëff an Zukunft am politeschen Diskurs soll benotzt ginn. Och d'Froen no enger eventueller neier Bezeechnung a vun eventuellen neien Aufgaben a Ziler vum zoustännege Ministère stellen sech am Moment nach net.

**3)**

D'Uleies vum Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun ass datt d'Leit hei zu Lëtzebuerg, ob sie hei wunnen oder nëmmen hei schaffen, gutt kënnen zesummeliewen. D'Programmer, d'Projeten an d'Initiativë vum Ministère, am Zesummespill mat anere Ministèren, de Gemengen, de Veräiner, den Entreprisen an all aneren engagéierten Acteure wäerten ëmmer sécher stellen datt d'Leit zesumme gefouert ginn an net ausernee gedréckt ginn. D'Consultatioun fir dat neit Gesetz spillt an deem Kontext och eng wichteg Roll.